N° 5023
Reçue le 29.09.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 29.09.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. September 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

2019 ass d'Klimaprotestbeweegung "Fridays for Future" hei am Land fir d'éischt op d'Stroosse gaangen. Wärend der Corona-Pandemie 2020 ass net manifestéiert ginn. De Freideg, 24. September 2021, sinn d'Schüler awer erëm op d'Strooss gaangen. Wéi d'Initiativ Youth for Climate Luxembourg no enger Reunioun mam Educatiounsministère ugekënnegt hat, konnten d'Schüler ënner folgende Bedéngungen un der Demo deelhuelen: Si hu missen een "formulaire de demande de dispense" ënnerschreiwen oder, wat mannerjäreg Schüler ugeet, vun hiren Elteren ënnerschreiwe loossen an dëse Formulaire bis de Freideg, 24. September, um 9 Auer an de Schoulbüro schécken. No der zweeter Lektioun hunn d'Schüler kënnen den Unterrecht verloossen.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Wéi vill Schüler an de verschiddene Lycéeë vum Land hu sech de 24. September am Kader vun der Manifestatioun géint déi aktuell Klimapolitik ofgemellt an deen Dag no der éischter Stonn gefeelt?
2) Wéi vill Schüler hunn déi mentionéiert Frist net agehalen a goufen als "non excusé(e)" ageschriwwen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

N° 5023
Reçue le 09.11.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 5023 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup

Fir kënnen um sougenannte Klimastreik vum 24. September 2021 deelzehuelen, hate sech 7.955 Schüler am Sekretariat vun hirem Lycée ofgemellt.

D'Zuel vun de Schüler, déi déi virgeschriwwe Frist net agehal hunn, gouf net erfaasst.

Lëtzebuerg, den 9. November 2021

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH